



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Am Beräich vun der Schoul geschéie vill Uweisungen iwwer „Instruction ministérielle“ oder och „Note de service“, beispillsweis iwwer „Travaux de vacances“ am Kader vun engem Noexamen.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Gëtt et e Recueil fir d'Enseignanten, an deem all dës Notte respektiv Instruktiounen iwwersiichtlech zesummegefaasst a fräi zougänglech sinn?
- Wa jo, wou ass dee Recueil ze kréien?
- Wann net, firwat net?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch
Fro Nr. 7944 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

Et gëtt aktuell kee Recueil fir Enseignanten, an deem déi ministeriell Instruktiounen zesummegefaasst sinn.

Gäre gräifen ech dofir d'Suggestioun vun der honorabeler Deputéiert op, déi och scho vun Enseignantsgewerkschafte gemaach ginn ass. D'Enseignantë wäerte vun dëser Demarche an d'Bild gesat ginn.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH